N°1752
Entrée le 10.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.01.2025

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

An engem RTL-Interview vum 6te Januar huet den aktuelle Wunnengsbauminister gesot, dass de Mietdeckel net fir haut an net fir muer wäert sinn. Wat net kloer gesot gouf, ass dass et hei ëm d'Reform vum Mietdeckel gëtt, déi vu sengem Virgänger an d'Gespréich bruecht gouf, mee net realiséiert gouf. Et gëtt nämlech schonns ee Mietdeckel am Mietgesetz vun 2006, wou d'Reegel festleet, dass ee Proprietaire vun enger Wunneng net méi wéi 5% Loyer dierf froe vum Capital investi.

Elo ass de Problem awer deen, dass d'Locatairen net wësse kënnen, wéi héich de Capital investi ass, grad bei eelere Gebaier, déi viru Joerzéngte gebaut a verkaf goufen. Ech hat op dëse Problem schonns a menger parlamentarescher Fro n°1006 opmierksam gemaach. D'Geriichtsuerteel vum 16te Januar 2020 (n°170/20) huet gewisen, dass fir d'Berechnung vum Loyer net systematesch de Capital investi muss geholl ginn an um Enn de Loyer um Maartwäert berechent ka ginn.

Esou ass et eng Normalitéit hei am Land, dass Gebaier, déi viru Joerzéngte fir een Apel an ee Stéck Brout kaf goufen, haut trotzdeem Loyere froen, déi wäit iwwert de 5% vum Capital investi leien. Dëst ass onfair vis-à-vis vu Locatairen, déi geplëmmt ginn, mee och vis-à-vis vun anere Proprietairen, déi haut ee vill méi héijen Akafspräis musse bezuelen an ee vill méi niddrege Rendement kréien, wéi ee Wunnengsbesëtzer, dee virun 30 Joer investéiert huet a sech net un d'Gesetz hällt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wäert dës Regierung betreffend dem aktuellen Mietdeckel an dëser Legislaturperiod eng Ännerung virhuelen oder bleift alles esou, wéi et aktuell am Mietgesetz ass?

2. Wëll d'Regierung de Mietdeckel ganz ofschafen?

3. Wéi laang wëll de Minister maximal op Donnéeën vum LISER waarden, bis hien eng Entscheedung zum Mietdeckel hëllt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten